EIS SCHOULCHARTA

NOTRE CHARTE SCOLAIRE

RESPEKT

Ech verhale mech manéierlech a respektvoll géintiwwer all Member vun der Schoulcommunautéit. Ech huele Rücksicht op d'Schoulmaterial an op d'Raimlechkeeten.

Moien, Merci, Äddi a Pardon...!
Respekt hunn heescht, sech an engem héiflechen Toun auszedrécken, seng Matmënsche wäertzeschätzen, awer och sech un d'Reegelen ze halen, déi eist Zesummeliewen am Schoulalldag erméiglechen.
Ausserdeem ass et fir eis alleguer méi angeneem, wa mir an der Schoul kënne propper Bänken, Klassesäll an Toilettë benotzen.

TOLERANZ

Ech setze mech mat anere Meenungen auserneen a probéiere se ze verstoen.

Dierf ech eng aner Meenung hu wéi meng Schoulkomeroden a meng Proffen? Jo! Muss ech d'Meenung vun den aneren akzeptéieren? Nee!
De Begréff „Toleranz" kënnt vum latäinesche Verb „tolerare" an heescht „erdroen". Ech huele mir dofir déi néideg Zäit, fir deenen aneren nozelauschteren, si ze verstoen a fir meng Matmënschen einfach esou ze respektéieren an deem wat si sinn a wéi si sinn. An eiser Schoulgemeinschaft huet nämlech jidderee seng Plaz!

RESPECT

Je fais preuve de politesse et de respect envers tous les membres de la communauté scolaire. Je veille à prendre soin du matériel scolaire et des locaux du lycée.

Bonjour, merci, au revoir et pardon... !
Pour faire preuve de respect, il est essentiel de s'exprimer poliment, d'avoir de l'estime envers autrui et de suivre les règles qui favorisent une bonne cohabitation quotidienne à l'école. De plus, je veille au maintien de la propreté des bancs, des salles de classe et des installations sanitaires, afin de garantir un environnement scolaire agréable pour tous.

TOLÉRANCE

Je cherche à analyser et à comprendre l'opinion des autres.

Ai-je le droit d'avoir une opinion différente de celle de mes camarades ou de mes professeurs ? Oui ! Dois-je accepter l'opinion des autres ? Non !
Le terme "tolérance" provient du latin et signifie "supporter". Voilà pourquoi je prends le temps nécessaire pour écouter et comprendre les autres, tout en les respectant tels qu'ils sont. Chacun a en effet sa place dans notre communauté scolaire.

VERANTWORTUNG

Ech si fir meng Entwécklung a fir mäin Handele verantwortlech.

Als verantwortungsvolle Mënsch sinn ech eng Persoun, déi hir Roll, Rechter a Pflichten am LN kennt an eescht hëlt. Ech dierf Decisiounen treffen, suergen awer dofir, dass d'Konsequenze vu mengem Handele sech positiv op mech an op déi aner auswierken. All Decisioun, déi ech treffen, huet een Afloss op mäi Liewen an op d'Liewe vu menge Matmënschen.
Wann ech Decisiounen huelen, iwwerhuelen ech och d'Verantwortung dofir.

ENGAGEMENT

Ech engagéiere mech perséinlech dofir, datt den LN eng Schoul bleift, an där jidderee sech wuelfillt a wuesse kann.

Als engagéierte Mënsch sinn ech eng Persoun, déi am Sënn vum Wuelbefannen an der Weiderentwécklung, fir déi aner a fir sech selwer, handelt. Wann ech mech engagéieren, hunn ech mir selwer Ziler gesat, déi ech beschtméiglech erreeche wëll, oder ech hunn anere versprach, eppes anzehale respektiv ze leeschten. Wann ech mech engagéieren, dann droen ech dozou bäi, datt de Lycée du Nord eng Plaz bleift, wou et Freed mécht ze léieren, ze schaffen a mat anere Mënschen zesummenzesinn. Ech selwer profitéieren och vun dësem Engagement.

RESPONSABILITÉ

Je suis responsable de mes actes et de mon développement.

En tant qu'individu responsable, je suis conscient de mon rôle, de mes droits et de mes devoirs au LN, et je les prends au sérieux. J'ai le droit de prendre des décisions, mais je veille à ce que leurs conséquences aient une influence bénéfique pour les autres et pour moi-même. Chaque choix que je fais a en effet un impact sur ma propre vie, mais aussi sur celle des autres.
Par conséquent, lorsque je prends des décisions, j'assume pleinement toutes mes responsabilités.

ENGAGEMENT

Je m'engage personnellement à ce que le LN reste une école dans laquelle chacun se sente à l'aise et puisse s'épanouir.

En tant que personne engagée, je cherche à promouvoir le bien-être et l'épanouissement, tant pour moi-même que pour les autres. Lorsque je m'engage, je me fixe des objectifs que je m'efforce d'atteindre ou bien je veille à respecter mes engagements envers autrui. Lorsque je m'engage, je contribue à maintenir le Lycée du Nord comme un lieu où chacun éprouve du plaisir à étudier, à travailler et à partager des moments de convivialité.
Je bénéficie moi-même de cet engagement.

SOLIDARITÉIT

Ech paken eng Hand mat un, wa meng Hëllef gebraucht gëtt.

Als solidaresche Mënsch sinn ech eng Persoun, op déi een ziele kann.
Duerch meng Solidaritéit droen ech zum Zesummenhalt an der Schoul bäi, well ech net nëmmen no mengen eegene Virdeeler kucken. Wann ech solidaresch wëll sinn, kann ech dat mat klenge Geste weisen: fir Matschüler do sinn, wa si meng Hëllef brauchen, Kolleegen am Departement oder am Service ënnerstëtzen oder zum Succès vun enger Schoulmanifestatioun bäidroen, fir just e puer Beispiller ënnert villen ze nennen.

BILDUNG

Ech setzen d'Léieren an de Mëttelpunkt vu mengem Schoulalldag.

D'Bildung vun haut ass de Succès vu muer.
Fir gutt op d'Zukunft virbereet ze sinn, ass et wichteg, oppen duerch d´Liewen ze goen, a sech Wëssen, Kompetenzen a kritescht Denken Dag fir Dag unzëeegnen. Grad an der Schoul gëtt dëse liewenslaange Prozess besonnesch spannend, well een hei och beweise muss, wat ee geléiert huet a wat ee kann. Léieren ass deemno mat enger gewësser Disziplin verbonnen.
Als gebilte Mënsch sinn ech eng Persoun, déi sech am Liewen besser zurecht fënnt.

SOLIDARITÉ

Je donne un coup de main lorsque mon aide est sollicitée (demandée).

En tant que personne solidaire, je suis fiable.
A travers ma solidarité, je cherche à renforcer la cohésion sociale à l'école, en mettant de côté mes intérêts personnels. Je peux montrer ma solidarité par de simples petits gestes : en aidant mes camarades de classe, en soutenant les collègues de mon département ou de mon service lorsque cela est nécessaire, ou encore en contribuant au succès d'une manifestation scolaire, pour ne citer que quelques exemples.

FORMATION (ÉTUDES)

Mes études occupent une place centrale dans mon quotidien scolaire.

La formation d'aujourd'hui est la clé du succès de demain.
Pour être bien préparé pour l'avenir, il est essentiel d'aborder la vie avec une ouverture d'esprit afin d'acquérir des connaissances, des compétences et de développer un esprit critique. Ce processus est continu tout au long de notre vie, mais il est particulièrement enrichi à l'école, car il faut sans cesse y démontrer ses acquis. Les études exigent donc une certaine discipline.
En tant que personne bien formée, je serai mieux préparé (e) pour relever les défis de la vie.

De Kompass vum LN
LYCEE du NORD

La Boussole du LN
LYCEE du NORD